
# Fun4All@Baggerweier by FLGym

**20. September 2025 vun 10 Auer – 16 Auer**

**Op de Baggerweieren um Bréicherwee L-5441 Remerschen**

## Sport, Spill a Spass no der Summervakanz

D'Associatiounen "**Erliefnis Baggerweier**" an "**Fédération Luxembourgeoise de Gymnastique – FLGym** » invitéieren Samschdeg, den 20. September 2025 op déi éischt Editioun vun hierem Event "Fun4All@Baggerweier".




Bei engem gemittleche Spazéiergang ronderëm de Baggerweier, erwaarden iech eng Partie Aufgaben, deenen dir iech als Grupp sollt stellen. Dobäi sollen den Amusement an de Spaass un éischter Stell stoen.

D'Participante sinn a verschidde Kategorien agedeelt an et gëtt e flotte Präis fir déi Equipp aus all Kategorie, déi di meeschte Punkte gemaach huet.

Fir deelzehuelen kënn dir eis den Umeldeformular ausfëllen a per E-Mail zréckschécken. Mee dir kënnt eis awer och telefonéieren. D'Umeldung ass offiziell wann de Participatiounsbäitrag vun 20 Euro pro Grupp op eisem Kont ukomm ass.

**Fir är Umeldung a weider Informatioune gëllt d'Email-Adress fun4all2025@outlook.com**

**oder d'Telefonsnummer 691 200 220**

**Selbstverständlech ass während dem ganzen Event och beschtens fir Iessen, Gedrénks an Animatioun gesuergt.**

**! Passt w.e.g. är Kleedung dem Wieder un !**

# Fun4All@Baggerweier by FLGym

**20. September 2025 vun 10 Auer – 16 Auer**

**Op de Baggerweieren um Bréicherwee L-5441 Remerschen**

## Reglement

1. Participéiert gëtt an Teams vu maximal 6 Leit. Déi verschidde Gruppe sinn a verschidde Start-Kategorien agedeelt (Fräschen, Kaarpen, Kormoranen, Kriibsen, Gänsen, Schwanen).

| | | |
|---|---|---|
| Fräschen  (Kanner vun 10-12 Joer) | Kaarpen  (Jugendlecher vun 13-18 Joer) | Kormoranen  (Jugendlecher an Erwuessener ab 18 Joer) |
|  (Erwuessener ab 50 Joer) | Gänsen  (Famillje mat maximal 2 Erwuessener) | Schwanen  (Leit mat Beeinträchtegungen mat maximal 2 Betreier) |

2. An der Grupp vun de Schwane kënne maximal 2 Begleetpersounen dobäi sinn, déi hier Leit mat spezielle Besoinen ënnerstëtzen.
3. An der Familljegrupp kënne maximum 2 erwuesse Persounen dobäi sinn.
4. All Team muss sech en Numm fir hier Grupp ausdenken.
5. All Team muss wärend dem gesamte Rallye zesummebleiwen an zesummen un den Aktivitéiten deelhuelen.

## Oflaf

6. All Grupp muss zu senger genannter Startzäit um Depart sinn. Des Auerzäit kritt dir kuerz virum Event matgedeelt.
7. All Grupp muss di verschidde Statiounen an der richteger Reiefolleg oflafen.
8. Di verschidde Challengë gi vun der gesamter Grupp oder eenzelnen Gruppemembere geléist.
9. No all bestanen Aktivitéit, kritt d'Equipe Punkten.
10. Di Grupp déi zum Schluss di meeschte Punkten huet, gewënnt an hirer Kategorie e flotte Präis.
11. De Gewënner gëtt ermëttelt, wann all Gruppe fäerdeg sinn.
12. D'Equippen déi net sur Place sinn, wann et un hirem Tour ass, kënne leider net méi deelhuelen.

## Verhalen

13. Fairplay steet am Vierdergrond, et däerf net gefuddelt ginn.
14. Di aner Teams däerfen net behënnert ginn.

15. D’Natur muss respektéiert ginn an et däerf keen Dreck ënnerwee leie gelooss ginn.

## Konditioune fir deelzehuelen

**D’Umeldung an d’Bezuelung musse virum 3. September 2025 gemaach sinn**!

**Präis:** 20 EURO pro Grupp mam Vermierk «Fun4All an de Numm vun ärem Grupp»

Am Präis enthalen as en „Goodiebag“ fir all Grupp

Z’iwwerweise virum 3. September 2025 op follgenden Kont LU 27 0099 7800 0080 6455 vun Erliefnis Baggerweier asbl.

D'Participatioun geschitt op eege Verantwortung an de Baggerweier oder d‘FLGym iwwerhuele keng Verantwortung fir Accidenter, Verletzungen oder Materialschued.



# Fun4All@Baggerweier by FLGym

**20. September 2025 vun 10 Auer – 16 Auer**

**Op de Baggerweieren um Bréicherwee L-5441 Remerschen**

## Umeldung

**Fun4All @ Baggerweier by FLGym**

Fir Umeldung a weider Informatioune gëllt follgend Email Adress oder d'Telefonsnummer

fun4all2025@outlook.com / Tel. 691 200 220

| **Numm vun ärem Grupp:** | |
|---|---|

| **Kategorie an der Dir matmaacht** | | |
|---|---|---|
| Fräschen  (Kanner vun 10-12 Joer) | Kaarpen  (Jugendlecher vun 13-18 Joer) | Kormoranen  (Jugendlecher an Erwuessener ab 18 Joer) |
|  (Erwuessener ab 50 Joer) | Gänsen  (Familljе mat maximal 2 Erwuessener) | Schwanen  (Leit mat Beeinträchtegungen mat maximal 2 Betreier) |

| **Nimm vun de Participanten:** | 1. |
|---|---|
| | 2. |
| | 3. |
| | 4. |
| | 5. |
| | 6. |
| Speziell Besoinen un Accessibilitéit an/oder Alimentatioun? | |

| **Präis:**<br>20 EURO pro Grupp mam Vermierk „Fun4All & Gruppen Numm"<br><br>Am Präis enthalen as e „Goodiebag" fir all Grupp | Ze iwwerweisen virum 3. September 2025 op follgende Kont:<br><br>LU 27 0099 7800 0080 6455 |
|---|---|